Zukunftsdiplom Joer 2023
Schëfflenger Jugendhaus (JH)

WAT ASS DEN ZUKUNFTSDIPLOM (ZD):

Du wëlls un engem innovative Projet deelhuelen? Nei Technike léieren an duerch ee fräiwëllegt Engagement un denge Fäegkeete schaffen?

Am Schëfflenger Jugendhaus kanns du um Projet Zukunftsdiplom (ZD) deelhuelen. Den ZD ass ee participative Bildungsprojet fir Jonker tëschent 16 an 30 Joer wou d'Weiderentwécklung vun de Liewenskompetenzen am Fokus steet.

Reegelméisseg gi Projeten an Aktivitéiten organiséiert, déi vun 2023 sinn ënnen opgelëscht.

Den ZD dokumentéiert d'Stäerken an d'Ressourcen déi du wärend déi ënnerschiddlech Projeten am Beräich vun de Liewenskompetenzen an de sozialen Engagement mobiliséiers. Esou dass de Patron oder d'Schoul e méi kloer Bild vun dir kritt.

Du bass intresséiert, da sich dir 1 bis 4 Weekender eraus an mëll dech am JH.

Mir freeën eis op dech.

ZD- JOER:

- Offizielle Start

  24.03.23

  Kick-off Gemengeplaz 18h a Kooperatioun mat der Gemeng Schëffleng

- 1. Weekend:

  Kreativ a medial Aktivitéit Film produzéieren – Weekend 1 vum Zukunftsdiplom *22.-23.04.23* am JH

  Umeldefrist: 14.04.23 info@schefflenger-jugendhaus.lu

Mir maachen eisen eegene Film!

Wärend engem Weekend kriss du d'Méiglechkeet e Film ze produzéieren!

Vun der Iddi, iwwer Storyboard schreiwen, Zeene preparéieren, filmen etc bis zum Film schneide kanns du dech aktiv abréngen. Hei ginn ënnerschiddlech Kompetenze gebrauch.

Wann s du schonn ëmmer emol esou e Projet ausprobéiere wollts, da mell dech un!

Natierlech gëss du vu Fachpersonal begleet an ënnerstëtzt dëse Weekend!

Weider Infoe fënns du op www.schefflenger-jugendhaus.lu oder am JH

- 2. Weekend:

Aktivitéit Trekking an Klammen *13.-14. 05.23*

Umeldefrist: 05.05.23 info@schefflenger.jugendhaus.lu

Du bass op der Sich no engem neien Abenteuer? Du bass gär an der Natur?

Wärend dësem Weekend kanns du nei Erfarungen am Beräich Trekking a Klamme sammelen oder deng Technik verbesseren.

Erlief 2 flott Deeg an der Natur mat Kolleegen a vill Spaass.

Wann s du schonn ëmmer emol esou e Projet ausprobéiere wollts, da mell dech un!

Natierlech gëss du vu Fachpersonal begleet an ënnerstëtzt dëse Weekend!

Weider Infoe fënns du op www.schefflenger-jugendhaus.lu

- 3. Weekend:

Vëlo traversée *30.09.-01.10.23*

Umeldefrist: 22.09.23 Info@schefflenger-jugendhaus.lu

Du fiers gär Vëlo an hues Loscht op eng kleng Vëlorees? Du bass op der Sich no engem neien Abenteuer? Du bass gär an der Natur ënnerwee?

Wärend dësem Weekend kanns du nei Erfarungen am Beräich Vëlotrekking sammelen oder deng Technik verbesseren.

Erlief 2 flott Deeg an der Natur mat Kolleegen a vill Spaass.

Wann s du schonn ëmmer emol esou e Projet ausprobéiere wollts, da mell dech un!

Natierlech gëss du vu Fachpersonal begleet an ënnerstëtzt dëse Weekend!

Weider Infoe fënns du op www.schefflenger-jugendhaus.lu

- 4. Weekend:

Aktivitéit Upcycling/ Konstruktioun bauen 14.-15.10.23

Umeldefrist: 06.10.23 Info@schefflenger-jugendhaus.lu

Du bass kreativ an hues Loscht dech handwierklech auszeprobéieren?

Hues flott Iddien, déi du ëmsetze wëlls ?

Wärend dësem Weekend kanns du nei Erfarungen am Beräich Handwierk/Konstruktioune baue sammelen oder deng Technik verbesseren.

Erlief 2 kreativ Deeg mat Kolleegen a vill Spaass.

Wann s du schonn ëmmer emol esou e Projet ausprobéiere wollts, da mell dech un!

Natierlech gëss du vu Fachpersonal begleet an ënnerstëtzt dëse Weekend!

Weider Infoe fënns du op

www.schefflenger-jugendhaus.lu

Instagram: main-zukunftsdiplom

Am Schëfflenger Jugendhaus, 10 Av. de la libération, L-3850 Schifflange

info@schefflenger-jugendhaus.lu

Janine Smith (Coordinatrice JH) 691 25 01 05